LSAP

N°3728
Entrée le 05.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Op de Lëtzebuerger Stroossen an Zuchlinne kënnt et reegelméisseg zu Aarbechten. Dëst hunn Auswierkungen op de Fonctionnement vum ëffentlechen Transport. A ländleche Géigenden, mat manner alternative Verbindunge sinn dës Aarbechte méi disruptiv.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéi vill Ausfäll vu RGTR-Busser sinn an de leschte 5 Joer an den Haaptachsen 1 an 9, no Mount opgeschlësselt, registréiert ginn?
- Wéi vill Ausfäll vun Zich sinn an de leschte 5 Joer op der Linn 10, no Mount opgeschlësselt, registréiert ginn?
- Wat sinn d'Haaptursaache fir dës Ausfäll?
- Wat war déi duerchschnëttlech Dauer vun dësen Ausfäll?
- Wéi eng Strecken oder Linnen – no Transportmëttel differenzéiert – sinn am heefegste betraff?

Mat déiwem Respekt

Ben Polidori

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu